N°361
Entrée le 18.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 361 vum 20. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wéi eng Démarchen ënnerhëlt d'Direction de la Santé, fir dës Recommandatioun deene viséierte Beruffsgruppen bekannt ze maachen?*

Wéi all Joer, huet d'Direktioun vun der Santé och am Hierscht 2023 erëm eng grouss Kommunikatiounskampagne lancéiert fir déi ganz Bevëlkerung iwwer Otemweeinfektiounen ze informéieren an ze sensibiliséieren. Dëst geet bewosst iwwert d'Grippeimpfung eraus a betrëfft och aner Infektioune wéi COVID-19, d'Infektiounen duerch de Pneumocoque an elo och d'passiv Immunisatioun vun de Puppelcher géint den RSV. Nieft den Impfunge gëtt och vill Wäert op d'Informatioun iwwert d'Hygiènesmesuren (z.B. Hännwäschen, wann ee krank ass doheem bleiwen, net krank bei vulnérabel Persounen goen, ...) geluecht.

Dës Informatioune ginn iwwert d'sozial Medien, op Affichen, grad esou wéi um Radio, op der Televisioun an am Kino verbreet an dat gläich an e puer Sproochen, fir der spezieller Situatioun vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung Rechnung ze droen.

Hei gëtt bewosst d'Informatioun vun der ganzer Populatioun viséiert, et goufe keng cibléiert Moossnamen geholl fir dës Campagne u spezifesch Beruffsgruppen unzepassen.

*2. Wéi eng Ënnerstëtzung kréien d'Employeuren aus deene Secteuren, fir hire Salariéen e méiglechst einfachen Accès zur Impfung ze erméiglechen?*

Verschidden aarbechtsmedezinesch Servicer proposéieren all Joer Grippeimpfunge fir d'Betriber (z.B. d'aarbechtsmedezinesch Servicer vun ASTF, STI, Arcelor, an CFL). Iwwert dee Wee ginn all Joer ronn 8.500 Leit géint d'Gripp geimpft. Zousätzlech bidden eng Rei Entreprisen aus verschiddene Secteuren de Salariéën direkt d'Impfung un. Dëst ass de Fall, z.B. an de Klinicken oder am Fleegesecteur, wou et jo besonnesch wichteg ass dass d'Leit esou mann wéi méiglech krankheetshalber ausfalen, an een och vermeiden muss dass d'Salariéën e Vecteur vun der Infektioun fir vulnérabel Leit ginn.

Eng speziell Ënnerstëtzung déi doriwwer eraus geet ass net virgesinn. Et muss een och hei drop hiweisen dass de Code du travail net virgesäit dass dëst eng Missioun vun den aarbechtsmedizinesche Servicer ass.

*3. Wéi geet de Staat selwer als Employeur vir, fir dës Recommandatioun bei de betraffene Beruffsgruppen ze promouvéieren ?*

De Staat als Employeur geet net anescht vir wéi am private Secteur. D'Personal gëtt engersäits duerch d'Kommunikatiounskampagne säitens vun der Gesondheetsdirektioun respektiv duerch den aarbechtsmedezinesche Service vun der Fonction publique iwwert d'Grippeimpfung informéiert.

*4. Ass dës offiziell recommandéiert Impfung fir déi concernéiert Persoune gratis? Wéi een Undeel vun de Käschten gëtt vun der Gesondheetskeess iwwerholl?*

Am Kader vun enger Konventioun tëschent dem Staat an der CNS bedeelegt sech d'CNS mat 100% un den Impfunge géint déi saisonal Gripp fir Leit ab 65 Joer, fir schwanger Fraen a fir Leit déi als Risikopatienten agestuuft sinn. Dorënner falen Persounen déi u folgende Krankheete leiden:

- chronesch Longekrankheeten
- chronesch Häerzerkrankungen
- chronesch Nierekrankheeten
- chronesch Stoffwiesselerkrankungen
- ugebueren oder duerch medezinesch Traitementer ervirgeruffen Immunodepressiounen
- Autoimmunkrankheeten
- Hämoglobinopathien
- neurologësch oder neuromuskulär Krankheete mat engem héije Risiko vun Aspiratiounspneumonie
- Krankheeten déi eng chronesch Behandlung mat „ *acide acétylsalicylique*" bei enger Persoun ënner 18 Joer erfuerderen

Fir kënne vun enger gratis Impfung ze profitéieren musse Patienten ënner 65 Joer eng Ordonnance kënne virweisen déi attestéiert dass sie un enger vun den uewegenannte Krankheete leiden.

Lëtzebuerg, den 18.Mäerz 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez